München, de 26.05.2025

# Convocatioun LSM Assemblée Générale extraordinaire 2025

Léif Memberen,

Mir lueden iech alleguer häerzlech op d'Assemblée Générale extraordinaire vum LSM an. Dës wäert den 18. Juni 2026 am Uschloss un eis Assemblée Général ordinaire am Augustiner am Dom stattfannen.

Dëst Joer musse mir eng AG extraordinaire aberuffen, well mir eis Statuten un dat neit Gesetz vum 7. August 2023 upasse wëllen. Fir op enger AG ordinaire doriwwer ofstëmmen ze kënnen, mussen zwee Drëttel vun de Membere vum Veräin present oder vertruede sinn. Well dat aller Viraussiicht no, net de Fall wäert sinn, hu mir d'Méiglechkeet op enger AG extraordinaire iwwert d'Statutenännerung ofzestëmmen. Hei geet d'zwee Drëttel Majoritéit vun de presente Memberen duer. Den Ordre du jour fannt dir an enger Annexe.

Fir un der AG extraordinaire deelhuelen ze kënne musst dir eng aktuell gülteg Memberskaart hunn. Wann der net kënnt un der AG extraordinaire deelhuelen, hutt dir d'Méiglechkeet iech duerch eng aner Persoun mat enger Prokuratioun vertrieden ze loossen. Jiddereen däerf awer maximal nëmmen 1 aner Persoun representéieren.

Mir freeën eis op iech.

**Yann Windeshausen**
LSM President

Lëtzebuerger Studenten zu München a.s.b.l.
www.lsm.lu | comite@lsm.lu
2, rue de l'Université
L-4365 Esch-Sur-Alzette

Kont :
Lëtzebuerger Studenten zu München a.s.b.l.
IBAN : LU44 0019 2655 8968 1000
BIC : BCEELULL